adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Zanter dësem Joer däerfen d'Bauere kee Glyphosat méi benotzen. Eng wierklech Alternativ zum Glyphosat hunn d'Baueren allerdéngs net. Lëtzebuerg importéiert allerdéngs och e groussen Deel vu senge Liewensmëttel, souwuel aus der EU, ewéi och aus Länner, déi net zu der Europäescher Unioun gehéieren a wou d'Benotze vum Glyphosat net verbueden ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ginn och déi Liewensmëttel, déi Lëtzebuerg aus dem Ausland importéiert, op Réckstänn vu Glyphosat iwwerpréift?
2. Wend Lëtzebuerg, wat den Import vun Iesswueren ugeet, déi selwecht streng Krittären am Hibléck op d'Benotze vum Glyphosat un, ewéi si dat och fir heemesch Produkter mécht?
3. Wa jo, wéi gëtt dat konkret iwwerpréift?
4. Wann nee, besteet hei an den Ae vun der Regierung net d'Gefor, datt eis Lëtzebuerger Bauere mat enger deloyaler Konkurrenz konfrontéiert sinn? Ass et an deem Fall an den Ae vun der Regierung net sënnlos, de Glyphosat op nationalem Plang ze verbidden, wenn dëse souwisou duerch den internationalen Export an eis heemesch Liewensmëttelversuergung mat afléisst?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten